PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Am September 2021 gouf e Gesetzesprojet deposéiert, deen eng Reform vum Walrecht virgesäit an et auslännesche Bierger soll méi einfach maachen, bei de Gemengewalen ze participéieren.

Kuerz drop, am Oktober, huet den Integratiounsministère en Appel à projets fir 2022 gemaach mam Titel "Zesummeliewen: lokal engagéieren a matmaachen". Projeten aus dem Beräich vun der Participation politique oder citoyenne kënnen iwwert de Ministère eng finanziell Ënnerstëtzung kréien. Wärend Projeten aus dem éischtgenannte Beräich sollen "informer et sensibiliser les publics étrangers et notamment les jeunes électeurs", geet et bei der Participation citoyenne ëm eng "mobilisation et implication du public cible dans des projets de vivre ensemble interculturel".

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Projeten, déi vun enger Förderung profitéiere wëllen, mussen hier Demande bis Ufank Januar 2022 era ginn hunn. Eng Reform vum Walgesetz wäert bis dohi warscheinlech net an der Chamber gestëmmt konnte ginn. Wäerten och am Joer 2023 an doriwwer eraus nach änlech Projete vum Integratiounsministère finanzéiert ginn, fir dozou bäizedroen, dass esou vill wéi méiglech auslännesch Bierger iwwert d'Reform vu Walgesetz informéiert wäerte ginn, wann de Projet bis an der Chamber gestëmmt sollt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député